# LOUTRES NEWS



Mee / Jun Nummer 5/2018/2019

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311









## 50 Joer Loutres Gebuertsdagsfeier -8.6

fnel scouts & guides


LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle :
**"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L**
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Miersch

# Loutres News N°05 2018/19

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.


Rédactioun: Jacoby Vic

Mataarbecht : D´Chefen vun den Loutres
An all Member, deem des Zeitung nët egal ass.

Drock: Eegen Drock



Adress: LOUTRES NEWS
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Mersch
Tel: 691631616

Adress vum Home: 16, Haardter Wee
L-7534 MERSCH
B.P.31
L-7501 Mersch

Internet: www.scouts-loutres.lu


Konto: Les Loutres Mersch

**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000**

| | |
|---|---|
| Beaver Branche | LU03 1111 2051 4284 0000 |
| Wellefchers Branche | LU98 1111 2051 4385 0000 |
| Scouts Branche | LU94 1111 2051 4587 0000 |
| Explorer Branche | LU92 1111 2051 4688 0000 |

LOUTRES SHOP:






Fro einfach bei dengen Chefen

Mir hun nei Jaketten nobestallt.

Loutres T-Shirt (25 €) Softshell (50€)

Save the date

# Geburtsdagsfeier

Léif Loutres a Frënn vun de Loutres,

Mat dëser Invitatioun sidd Dir häerzlech agelueden, den **8. Juni 2019** zesummen mat eis „50 Joer Loutres" bei eisem Home zu Miersch ze feieren.

Programm:

16:00 Wëllkomm an Umeldung
16:30 Partie officielle
18:00 Apero an Iessen
21:00 Kuch a Musek
ab 21:30 Grouss Gebuertsdagsparty mat den Singers Unlimited an dem DJ Bob St. Trop an GBS[1] beim Lagerfeier.

Umelde muss Dir Iech fir d'Iessen bis spéitstens den **15. Mee 2019** op eisem Internetsite www.scouts-loutres.lu enner der Rubrik „50 Joer News". Definitif si Dir dann ugemellt mat der Iwwerweisung vum Iessen.

| Menu A | Menu B |
| --- | --- |
| Cruditéiten mat (oder ouni) Feierstengszalot | Cruditéiten mat (oder ouni) Feierstengszalot |
| Prince Orloff mat Gromperen a Geméis | Geméislasagne |
| Kaffi a Gebuertsdagskuch | Kaffi a Gebuertsdagskuch |

Mat engem Bäitrag vun **35 Euro** fir Erwuessener an **15 Euro** bis 18 Joer, déi ze iwwerweisen sinn, sidd Dir dann richteg ugemellt. An dësem Präis sinn d'Iessen, Kuch an Kaffi, an e Gebuertsdagskaddo mat abegraff.

Den Detail fir ze iwwerweisen krit Dir gemailt wann Dir Iech ugemeld hutt.

[1] Gemütliches Beisammen Sein

Selbstverständlech kennt Dir är Famill a Frënn den 8. Juni matbréngen, denkt just drun se fir d'Iessen mat unzemellen.

Wëll et net sou einfach ass all d'Adressen vun ale Loutres Memberen ze fannen, kënnt Dir eis eng Hëllef sinn, an deems Dir dës Invitatioun weider gitt.

Wëll net genuch Parkméiglechkeeten em den Home sinn, parkt Iech w.e.g. um Parking, den fir den Dag virgesinn ass vis-à-vis vum Kannerduerf (Kaart).

Dir kënnt eis natierlech och gären ënnerstëtzen mat engem klengen Don.
Kont:  Les Loutres CCPL LU03 1111 2051 4284 0000

All Détailer vun eisen Aktivitéiten fannt Dir op eiser Webpage: www.scouts-loutres.lu
Bei Froen oder Ureegungen kënnt Dir eis per Mail kontaktéieren op: info@scouts-loutres.lu
oder beim Gruppechef um 691631616.

D'Cheffen an den Komitee vun den Loutres



EXPLORER FNEL

# 1 MEE 2019

**Moien** Beaver, Wëllefchen, Scout a Guide, Explorer, Rover

Op dem Dag vun der Aarbecht gi mer zesummen nom Kaffi drénken an de Besch, maachen e Meekranz fir mat deem spéider duerch Miersch ze zeien.

Fir Iessen a Gedrénks suergt de Grupp.

Wann 's du mat kenns, da kriss du e klenge Gadjet fir eise 50ten Gebuertsdag.

**RDV:** Mëttwochs den **1. Mee 16 um 8:00 beim Home**

**Retour:** de selwechten Dag um 11:30 bei eisem Home

**Präis:** 0€ pro Kapp



**Umellen:** muss de dech net – einfach op de RDV kommen

**Mathuelen:** Tipp Top **Uniform a Foulard**, Biergschung, Jackett, e Messer oder en Secateur fir Gréngs ze schneiden an natierlech gutt Laun.

Lenks Patt
deng Chefen an de Komitee




# Pow-Wow FNEL zu Munneref

Dëst Joer ass de FNEL's Pow-Wow, wou sech d'Scouten aus allen FNEL's Gruppen aus dem Land treffen, bei de Munnerefer Mais zu Munneref (Mondorf), déi dëst Joer hieren 10-järegen Jubiläum feieren. Bei daer Gelegenheet kréien si och hiert neit Home um Site "Badboeschelchen".

Thema vun dësem Joer ass wéi et am Titel ze liesen ass Power, also alles ronderëm Energie. Reservéiert iech elo schons de 7ten Juli 2019 fir des mega Aventure mat coolen Aktivitéiten.






Wéini an wou: den **7. Juli 2019**

Rdv Départ: 08:30 Auer zu Miersch op der Gare

Rdv Schluss: 16:45 Auer zu Miersch op der Gare

Präis: **6€** iwwerweisen bis spéitstens den **15. Juni 2019** op de Compte LU97 1111 0731 7537 0000 vun Les Loutres Mersch mat der Mentioun „Pow-Wow 2019 +„Numm vum Kand".

Umellen bis de selwechten Datum iwwert eis Web Säit.

Material: Tiptop Uniform, Foulard, dem Wierder ugepassten Kleeder, klenge Rucksak mat **Pic-nic**, Bidon mat Waasser, Becher, Kap, Sonnecrème an dem Wëllefchen senge 5 Saachen).




Lénks Patt

Är Cheffen

# Beaver

**Salut Beaver!**
Mir hoffen dir hat eng super flott Vakanz an sidd lo voller Motivatioun fir déi lescht Etapp vun desem Scoutsjoer.



Eis Versammlungen sinn Samstegs vun 14h00 bis 16h00.
Mir ginn oft mat den Kanner eraus, onofhänngech vum Wieder dofir dot hinnen ëmmer Gezäi un wat knaschteg kann ginn an fest Schung.

## Programm vum 3. Trimester

27/04: Versammlung

01/05: 1. Mee

04/05: Versammlung

11/05: Beaver Fun Day

RDV um 10:40 um Parking vum Centre de Logopédie zu Stroossen (Rollengergronn) Mir kuken hei nach fir zesummen ze fueren. **Umellen bis den 27 Abrell**. Pic-Nic net vergiessen

18/05: Versammlung

**25/05-01/06: Vakanz**

08/06: 50 Joer Fest

15/06: Sortie Beetebuerger Park

22/06: Virowend Nationalfeierdaag

29/06: Ofschlossversammlung

07/07: Pow Wow

Wann 's du net an d 'Versammlung kanns kommen oder Froen hues, dann ruff eis weg un oder so per Mail Bescheed.

**Deng Chefen:**

Malak (Paul) 621157585 Barry (Jacquie) 621433486
Hawky (Martine)

fnel
scouts & guides

# BEAVER FUN DAY

## DEM BIBU SENG GEBUETSDAGSPARTY




**SAMSCHDES, DEN**
**11. MEE 2019**
**VUN 11 BIS 16 AUER**

**BEIM HOME**
Les Aigles

Wichteg Info:
Vergiess däi Picknick fir Mëttes net!

---

**Umeldung** bis den **5. Abrëll** bei engem vun dénge Cheffen **AN** per Iwwerweisung vun **10€** mat der Mentioun «Numm a Virnumm vum Kand + BFD» op de Compte vum Grupp.

---

Weider Informatioune komme no.

# Wëllefcher

# Programm vum 3. Trimester

**Salut Wëllef !**

**Et erwaart dech also nach vill Spaass, denk drun dech unzemellen fir näischt ze verpassen.**

| | |
|---|---|
| **06.-22.04.19:** | **Ouschtervakanz** |
| 27.04.19: | Versammlung |
| 01.05.19: | 1 Mee Feier |
| 4.-5.05.19: | Sixplo fir Sixer |
| 05.05.2019 | Sixplo fir jiddereen |
| 11.05.19: | Versammlung (Form. Yannis) |
| 18.05.19: | Versammlung (Prep. Gebuertsdagsfeier) |
| **25.05 – 02.06** | **Paischtvakanz** |
| 08.06.19: | 50 Joer Loutres Feier a Gebuertsdaagsparty |
| 15.06.19: | Sortie Parc Merveilleux |
| 22.06.19: | Virowend Nationalfeierdaag |
| 29.06.19: | Oschlossversammlung |
| 07.07.19: | Pow Wow |
| 13.-14.07.19 | WE zu Beggen |

**Wanns du Samstes net kommen kanns dann si mer frou wanns de dech bei engem Chef ofmells.**

---

**DENG CHEFFEN:**


Andre Jorge CM 621 715 985
Yannis Demoutiez ACM 691 859 430
Cassandra Tousch ACM 621 400 731
Vic Jacoby ACM 691 63 16 16

# SIXPLO 2019




## Asterix an Obelix entdecken déi 4 Elementer

Wéini? : 04.-05.05.2019

- Fir d'Sixer → dee ganze Weekend vum 04.-05.05.2019
    - (Second nëmmen wann de Sixer nët ka matgoen)
- Fir déi aaner aus derMeute → Sonndes, den 05.05.2019

Treffpunkt: (Detailer vun Miersch aus kriss du no der Umelldung)

- Samschdes → um 14:00 Auer zu Beetebuerg op der Gare
- Sonndes → um 10:00 Auer zu Beetebuerg op der Gare

Retour: (Sonndes)

- 16:00 Auer zu Beetebuerg op der Gare

Material:

- D'Sixer bréngen hire Gamellesak (Gamelle, Besteck, etc.) fir Samsdes mat, sou wéi eng Lunchbox fir de Pic-Nic vu Sonndes (Samstes gëtt fir d'Sixer gekacht)
- D'Sixer brauchen alles, wat ee fir e Weekend brauch → Carrymatt, Schlofsak, Schlof- a Wäschsaachen, etc.
- Déi aaner Wëllefcher, déi also nëmmen Sonndes kommen, mussen hiere Pic-Nic selwer matbréngen fir Sonndes mëttes.

Präis:

- Fir d'Sixer an d'Cheffen, déi schons Samsdes do sinn: 18€
- Fir all aaner Member aus der Meute: 5€

Umeldung:

- Bis den **24. Abrëll 2019** via Loutres Webpage an och bezuelt hun op de Kont: Les Loutres Wellef : CCPL LU98 1111 2051 4385 0000 mat der Mentioun: „Sixplo a Numm vum Kand".



# Scouten a Guiden

# 3.Trimester Programm Scouten 2019

| | |
|---|---|
| 27. Abrëll | Versammlung |
| 1. Mee | Meekranz & Cortège (Invitatioun an der Zeitung) |
| 4. Mee | Owesversammlung (mat Umelldung) |
| 11. Mee | Versammlung |
| 18. Mee | Versammlung |
| **25. Mee- 1. Juni** | **Paischtvakanz** |
| 8. Juni | 50 Joer Loutres Feier (keng Versammlung) |
| 15. Juni | Versammlung |
| 22. Juni | Virowend vun National Feierdag |
| 29. Juni | Ofschlossversammlung |
| 7. Juli | Pow-Wow |

Eis Versammlungen sinn Samschtes Mëttes vum **14:00** bis **16:00** bei eisem Home zu Miersch. Falls du eng Kéier Samschtes **net kanns kommen,** wieren mir frou wanns du dech **am Viraus ofmells (per Mail oder Sms bei engem Chef)**, dass mir eis Versammlung och kennen genaustens plangen. **Merci!**

## Lénks Patt, Deng Scoutscheffen


| | | |
|---|---|---|
| Carissia Demoutiez CT | 691 727 569 | cdemoutiez@gmail.com |
| Jennifer Vosman CT | 621 662 114 | jenny_vosman@hotmail.de |
| Pierre Prickearts ACT | 621 738 748 | prickp@hotmail.de |
| Désirée Tousch ACT | 621 400 732 | desiree.tousch@gmail.com |
| Claire Merenz ACT | 661929592 | claire.merenz@hotmail.com |

# Scouten a Guiden

## Owesversammlung

Wéi et sech fir dëst Zait vum Joer sou gehéiert, as et Zait fir zesummen en flotten Owend beim Feier ze verbrengen.
Et gëtt och eppes ze iessen, also iess nach naicht doheem. Mir hun natierlech ee puer flott Saachen fir d'Owesversammlung fir Iech prépareiert, also lost iech iwweraschen ... Mir hoffen also dats du kenns! ☺



| | |
|---|---|
| Wéini? | Den **4. Mee 2019 um 17:30** beim Home |
| Retour? | Den selwechten Dag um **21:30** beim Home |
| Umellen? | Bei engem vun dengen Cheffen per E-mail oder per SMS bis den spéitsdens den **1. Mee** un |
| Mathuelen? | **5€** sinn mat op den Rdv ze bréngen, an gudd Laun ☺ |

**Lénks Patt, är Cheffen**



| | | |
|---|---|---|
| Carissia Demoutiez CT | 691 727 569 | cdemoutiez@gmail.com |
| Jennifer Vosman CT | 621 662 114 | jenny_vosman@hotmail.de |
| Pierre Prickearts ACT | 621 738 748 | prickp@hotmail.de |
| Désirée Tousch ACT | 621 400 732 | desiree.tousch@gmail.com |
| Claire Merenz ACT | 661929592 | claire.merenz@hotmail.com |

# Programm 3. Trimester

Salut Explorer!

Mier hoffen dier hudd ierch gudd vunn eisem 50 Joer Camp erholl an sinn prett fier an dei lescht Ronn vunn desem Joer ze starten.

| | |
|---|---|
| 27.-28. Abrell | Prep WE Jamboree USA |
| 1. Mee | 1. Mee Feier |
| 4. Mee | Versammlung |
| 11. Mee | Versammlung |
| 18.-19. Mee | Explorer Raid |
| 25.-26. Mee | Schaffweekend |
| 1. Juni | keng Versammlung (Paischtvakanz) |
| 8. Juni | 50 Joer Party |
| 15. Juni | Sortie Hoga (Marche) |
| 29. Juni | Oofschlossversammlung |
| 7. Juli | Pow-Wow |

Eis Versammlungen sinn, Samstes vun 16h00 bis 18h00 am Home. Wann een net kommen kann soll en sech wegl. ofmellen.

***deng Respo'en***

Michel & Paul & Pierre

# RAID an RAID+ 2019

Hallo Explorer!

Am Mee ass et erëm souwäit, de Raid an de Raid+ sti virun der Dier. Et geet erëm an den schéinen Norden. Et geet lass Samschdes den 18.05.2019 mat engem Trajet vun Wolz op den Misärshaff mat där enger oder anerer Iwwerraschung ënnerwee.

Sonndes, den 19.05.2019, geet et dann virun, fir déi déi wëllen, mam Seefekeschtenrennen (Dat genaut Reglement dofir kennt nach no).

**Depart:** 18.05.2019 um 10h30 zu Wolz op der Gare

**Retour RAID:** 19.05.2019 um 10h um Misärshaff

**Retour RAID+:** 19.05.2019 um 15h um Misärshaff

**Präis:** 20€/Persoun fir de RAID an 25€/Persoun fir den RAID+

Bréngt äre Rucksak mat ärer Gamelle, äre Kleeder an äre Schloofsaachen scho mat op den Depart!

Mellt är Unitéit w.e.g bis den **05.05.2019** per mail un explorer@fnel.lu un! An iwwerweist är Participatioun op de Kont vun der Fnel:

FNEL Programme CCPL LU56 1111 2166 1009 0000

D'Umellung gellt réicht wann bezuelt gin as. ☺

Lénks Patt,

Är Explorerekipp

# Schaffweekend

Dier hudd bestemmt alleguer matkrit, dass mier dest Joer eis 50 Joer feiren. Fier eng gudd Ambiance ze garanteiren mussen mier als Explorer Branche ee puer Saachen bauen respektiv oprichten.



**Depart:** Den **25. Mee** um **8.30 Auer** bei eisem Chalet.

**Retour:** Den **26. Mee** um **17 Auer** bei eisem Chalet.

**Prais**: D’Fraisen vunn deem WE ginn vunn der Explorerkeess iwwerholl.

Dier braucht alles wat een fier sou een Weekend dobaussen brauch, dier kennt ierch awer dorop astellen dass mer vill an laang dobaussen sinn, egal wei een Wieder. Also dem Wieder ugepassten Kleeder an en Schloofsaack + Carrymatt. Ee puer Händschen wieren och vunn Vierdeel.

Mellt ierch w.e.g bis den 20. Mee un, Merci.

***Deng Respo’en***

Michel & Paul & Pierre

# Marche Internationale

Mier trieden zesummen mat den Hoga um Marche de l'Armée un. Mier werten een Tuer vunn 20km trepplen an dono lossen mer et eis bei enger Pizza aus eisem Uewen gudd goen.



**Depart:** Den **15. Juni** um **7.30 Auer** op der **Gare zu Miersch**.

**Retour:** Den **15. Juni** um **22 Auer** bei **eisem Chalet**.

**Prais**: D'Fraisen belaafen sech op 30€ wou 20€ schon fier d'Participatioun sinn an dei aaner 10€ sinn fier d'Owesiessen.

**Material**: Dier musst gudd Schung undoen, et get vill op der Stross getreppelt. Dem Wieder ugepassten Kleeder an een Rucksack mat genuch Wasser dran. Dann ass et aeren Choix teschent Pic-Nic oder Gegrills wat een ennerwee kaafen kann, dest muss der selwer bezuelen.

Mellt ierch w.e.g bis den 8. Juni un, Merci.

***Deng Respo'en***

Michel & Paul & Pierre